Amitié Am Sand Amizero-Assemblée Générale du 15 mars 2012

Allocution de bienvenue

Léif Memberen vun Amitié Am Sand Amizero asbl
Léif Giedelen a Pätteren vu Kanner aus der Schoul Amizero
Dier Dammen an dir Hären aus dem Scheffen- a Gemengeroot vun der Gemeng Nidderaanwen,
Léif Présidentin vun der Emweltkommissioun,
Léif Memberen vun der Association des Parents d'élèves a léif Elterevertrieder,
Léif Memberen vun eise Partnerassociatiounen, resp. Associatiounen di eis nostin ewéi d'AMU (Action pour un Monde Uni), Diddeleng hëlleft, …

Am Numm vun eiser asbl Amitié Am Sand Amizero begréissen ech iech härzlech op eiser A.G. 2012. Iech all e grousse Merci fir ären Interessi an är Ennerstëtzung..

2011 war alt nees e gutt gefëlltent Joer an deem mir ënnert anenerem eng wichteg Etapp erreescht hunn. Am Juli 2011 krut eise Projet nämlech den Accord vum MAE fir e Cofinanzement op 5 Joer. Fir eis e motivanten Erfolleg, deen awer och eng nei Verantwortung mat sëch bréngt.

## The Use of Education?



Besonnesch haut op der „Journée mondiale des consommateurs“ froen ech mëch, wéieng Verantwortung mir als modern Mënschen, als Konsumenten, mussen droen ?

Mir wëssen all wéi eng verheerend Konsequenzen dës Definitioun vum Mënsch souwuel um ökologoschen, sozialen a mënschlesche Plang mat sëch bréngt.

Als Léierin an och als Member vun enger asbl di d'Schoul an de Mëttelpunkt gesaat huet, stellen ech mir oft d'Fro, wat d'Bildung an d'Erzéiung vun de Kanner an där Hinsicht ka bezwecken?

Et ass mir dunn e Lidd agefall, dat d'Kanner zu Ruhango sangen, wann si eis an hiere Schoulklassen empfänken:

“Come and see the use of education. Come and see the use of education. I am a doctor, because of education. I am an electrician, because of education. I am a …., because of education.”

Si sangen, datt si Elektriker, Doktor, Direkter gi sinn, well se hu kënnen an d'Schoul goen.

Dëst ass e Lidd wat am Rwanda all Schoulkand kennt. Wéi mir nogelauschtert hunn, ass mir bewosst ginn: d'Kanner begräifen, wat ët fir si bedeit, duerfen an d'Schoul ze goen. Si gleewen: D'Educatioun bréngt eis an eist Land weider, eraus aus der Armut hin zur ökonomeschen a sozialer Entwécklung.

Beim Nolauschteren vum Lidd hunn ech mëch gefroot: Wéi ass dat bei eis? Bei all eisem Konsum, si mir eis bewosst, wéi eng Verantwortung mir droen, wa mir an der Educatioun Choix'e a Reforme maachen?

De Rwanda setzt op eng „Education de qualité“, an ass eent vun de rare Lännder an Afrika, dat den Acces zur Bildung praktesch fir all Kanner garantéiert (si schwätze vun 96%) woubäi grousse Wert drop geluecht gëtt, datt d'Meedercher déi selwescht Rechter hunn wie d'Jongen.

« Education has become our way forward » (Kigali Genocide Memorial)

Mä trotz all de politische Beméiungen ass de Mangel u Ressource nach ëmmer reel, sou datt vill Schoulen op finanziell Ennerstëtzung aus dem Ausland ugewise sinn, fir d'Qualitéit vun der Educatioun ze garantéieren.

Di eenzel Distrikter am Land stellen e contrat de performance op, wou ënnert anerem hier Démarche sollen erklärt ginn, wéi si di Zieler och an der Educatioun

wëllen erreeschen. Eise Partenariat mam Centre scolaire Amizero zu Ruhango gouf dohier vun den Autoritéiten vu Ruhango an hiere contrat de performance opgeholl.

Contrat de performance, do denken ech da spontan un eise neie « Plan de réussite scolaire », op deen ech spéider nach eng Kéier wärt zeréckkommen.

Och bei eis beweegt sëch säit enger Zäit Villes an der Grondschoul : Am Laf vun de läschte Joren hu mir missten e neie Vokabulaire léieren : et ass nët mi d'Primärschoul, mä d'Grondschoul ; nët mi d'éischt Schouljoer, mä de Cycle 2.1 ; nët mi eng Zensur, mä e Bilan…

Zréck also zu ménger Fro: Gët sëch bei all deene Reformen a Neierungen groondleegend Gedanken gemaach, iwwert d'Verantwortung vun eiser Educatioun, „The use of education »?

D'Reform huet fir eis Grondschoulen ënnert anerem e neien Outil matbruecht, de PRS, deen ech virdrun ugeschwat hunn, e Kierzel fir Plan de réussite scolaire.

An deem PRS definéiert all Schoul hier Zieler, déi se am Laf vun de nächste 4 Joer wëllt erreeschen. Ouni lo op d'Kontroverse rondrem dësen Outil wëllen anzegoen, sinn ech zum Schluss komm, datt grad dëse PRS, sief e richteg ugepaak, eis kéint hëllefen, op d'Fro nom Sënn vun der Educatioun eng Äntwert ze fannen,

Fait ass, datt d'Schoul Am Sand de Partenariat mat der Schoul zu Ruhango an hierem PRS fest verankert huet. Si definéiert hieren zweeten Objektif esou:

« L'école fondamentale « Am Sand », école ouverte au monde, garantit dans une vision holistique le développement de ses élèves selon les valeurs universelles de l'UNESCO. Elle rend visible cet engagement. »

Si huet hiere Wëllen, als UNESCOschoul eng „école ouverte au monde" ze sinn, domadder och un eis héiger Instanze bruecht. A wat d'Sach nach méi significant mëcht :

Dëse Wëllen hun souwuel d'Elterevertrieder, wéi och eis Gemengenautoritéiten mat gedroen. Dat ass souwäit ech matgedeelt kruut, momentan eemoleg.

D'asbl AAA als Träger vun deem Projet dréit soumat nët nëmmen dozou bäi, d'Qualitéit vun der Educatioun zu Ruhango ze verbesseren, mä och, der Educatioun fir eis Kanner hei zu Niederanven eng Richtlinn ze ginn, op déi mir kënnen houfreg sinn.

Ganz besonnesch huet mëch an deem Kontext gefreet, datt  am August vum läschte Joer fir d'éischte Kéier en « ale » Schüler – wann ech därf esou soen- aus der Schoul Am Sand mat an de Rwanda gereest ass a groussen Interessi fir eis Aktioun weist. Et war hoffentlech just den Ufank, well fir mëch ass ët en Zeechen, datt den Afloss vun der Educatioun zäitlech nët begrenzt ass an och nët duerch standardiséiert Rasteren ze moossen ass.

Ofschléisse wollt ech mat engem Zitat aus engem Virtrag vum Zoe Weil, Grënnerin a Presidentin vum „Institute for Humane Education". Si seet:

« The world becomes what you teach ».

D'Welt gët zu deem, wat mir enseignéiren.

Dat ass och méng fest Iwwerzeegung, an dohier mengen ech, datt mir als Enseignanten, Elteren, Erwuessener a Membere vun enger asbl, di d'Educatioun fördert, eng wichteg Verantwortung droen, di an engem gewësse Sënn „weltbeweegend" ka sinn. Et ass nët iwwerdriwwen ze behaapten, datt de Schlëssel zu all de Probleemer d'Bildung as:

Wa mir de Kanner dat néidegt Wëssen, d'Handwierksgeschier an d'Motivatioun mat op de Wee ginn, fir gewëssenhaft Choix'en ze machen a sëch fir eng human a gesond Zukunft z'engagéiren.

Ech soen Iech villmols Merci !

*(http://mineduc.gov.rw/2011summit/spip.php?article50)*

*(http://www.youtube.com/watch?v=t5HEV96dIuY)*